

## **Minister Kersch: E Spill op Zäit amplaz eng Sich no Léisungen**

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2018


Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Wéi Dir spéitstens säit eisem Communiqué vum 28. Mee wësst, gouf mam reforméierte Gesetz vun der Fonction Publique, dat säit dem 15. Mee a Kraaft ass, ënnert anerem d'Karriär vum Chargé d'Enseignement am Secondaire opgewäert. Sou goufen déi Employéén, déi scho virum 1. Oktober 2015 am Déngscht an am *Grad E3ter* aklasséiert waren, an de *Grad E6* eropgestuift. De Mechanismus vun dësem **Reklassement** besteet doran, dass déi betreffen Agenten ab där selwechter „*valeur d'échelon*“ an hirem neie Grad weiderfueren, déi si an hirem ale *Grad E3ter* erreecht haten. Doduerch verbessert sech virun allem d'Karriär**perspektiv** vun deene betreffenen Employéén däitlech. D'Féduse/Enseignement-CGFP begréisst am Prinzip dës Revalorisatioun vun der Karriär vun de Kollege Chargéén, well si am Verglach zu den Employéén an der Administratioun mat gläichem Bildungsofschloss jorelaang finanziell benodelegt goufen. Et sief donieft drop higewisen, dass och d'Karriär vun deenen nom 1. Oktober 2015 agestallte Chargéén (Karriär A1) duerch d'Reform vum 15. Mee 2018 an engem ähnleche Mooss opgewäert gouf.

Doriwwer eraus ass am **Projet de Loi 7245**, dee kuerz virdrun ass fir an der Chamber kënnen gestëmmt ze ginn, virgesinn, dass déi frësch reklasséiert Chargéén och hir Anciennetéit sollen ugerechent kréien. Konkret bedeit dëst, dass d'Karriär vun deene betreffenen Employéén elo awer net ab där selwechter „*valeur d'échelon*“ am Grad E6 evoluéiert, mee ab dem selwechten „*numéro d'échelon, diminué d'un échelon*“. Dëst huet als Konsequenz, dass sech fir déi vum *Grad E3ter* an de *Grad E6* reklasséiert Enseignanten net nëmme d'Karriär**perspektiv** verbessert, mee dass si och schonn **direkt an de Genoss vun enger massiver Erhéijung vun hirer Pai** kommen, réckwierkend op den 1. Januar 2018.

Och wann de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP deene betreffen Kollegen dës staark Opwäertung vun hirer Karriär net wëll streideg maachen, sou mussen mir drop opmierksam maachen, dass dës Reklassement **déifgräifend Konsequenze fir d'Gläichgewicht an d'Gerechtegkeet tëscht deenen eenzele Karriären innerhalb vum Enseignement** mat sech bréngt.

Aus dem folgenden Diagramm geht er hervor, dass der betreffende Angestellte nach dem Reklassifizierungspunkt <sup>1</sup> Punkte erreicht, wie ein Kandidat-Professeur E7:




Die obige Kurve zeigt den Verlauf der Karriere eines Lehrers, der nach 4 Jahren Ancienneté am Grad E3ter bis zum Alter von 28 Jahren zum Grad E6 befördert wird. Die obere Kurve entspricht der Karriereentwicklung zum Kandidat-Professeur am Grad E7.

**Dies bedeutet ein Schlag an das Gesicht für die aktuell noch honorierten Kandidat-Professeurs hier am Land, die es erkennen müssen, dass sie den Examen-Concours, den nervenzerräussende Stage mit seinen seltsamen Tutorats- und Inspektionsstunden, dem pädagogischen Dossier und nicht zuletzt den ganz heftigen Examen de fin de stage (Période probatoire) überstanden haben!**

Och wann diesen neu geschafften Mässsstand zweifellos der gravierendste ist, so ist der Verlauf von diesen einzelnen Lehrberufen eine Relation zur jeweiligen Studien- und Stagezeit, die seit Jahren **aus dem Gleichgewicht gerodet**. Innerhalb von diesen letzten 10 Jahren wurden nämlich sämtliche Lehrberufe hier in Luxemburg revalorisiert (die vom Enseignant am Fundamental im Jahr 2009, die vom Chargé am Secondaire bis zum 2018), mit Ausnahme von dem Kandidat-Professeur E7. Dieser im Vergleich zum Enseignant am Fundamental mit längerer Studiendauer, deren höhere Gehälter im Ausland sind und die hier längerer Stagezeit, Studium (die Lehramtskandidatinnen und die Schullehrer am Grad E5 genau so wie die Chargés am Grad E3ter/E6 **hate guet kee réelle Stage**) geht am aktuellen Verlauf der Karriere E7 nicht Rechnung.

<sup>1</sup> D'Employéen hunn ee lichte méi niddrege Punktwäert wie d'Fonctionnaires.

gedroen. Doduerch gëtt ville, besonnesch méi jonke Kollegen, ëmmer méi bewosst, dass sech hiren däitlech méi laange Parcours finanziell net gelount huet, ma vun hirem „Patron“ esouguer bestrooft gëtt.



Mir musse leider feststellen, dass d'**Karriär vum Professer** duerch déi beschriwwen Entwécklungen **immens staark un Attraktivitéit verluer** huet, wat déi aktuell scho spierbar **Penurie** mëttel- a laangfristeg sécherlech verstärken wäert, mat **dramateschen an déifgräifende Konsequenze fir d'Qualitéit vun eiseffentleche Lycée**.

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP huet Enn Februar 2018 Verrieder vum Educationnsminister **Claude Meisch** op all dës Mësstänn mat Hëllef vun detailléierte Berechnungen net nëmmen higewisen, mee gläichzäitigs och eng ganz Rei konstruktiv Léisungsvirschléi ënnerbreet. Hei si mir op vill Problembewosstsinn a Léisungswëlle gestouss.

Well Karriärselenter awer verständlecherweis net ouni d'Fonction Publique kënnen entscheet ginn, hu mir dem verantwortleche Minister **Dan Kersch** den 30. Abrëll een 8 Säite laangen Argumentaire zoukomme gelooss. Well wochelaang keng Reaktioun op dëse Bréif kouw, hu mir den 18. Juni nach eng Kéier schrëftlech nogefrot an op d'Drénglechkeet vun eiseffentleche Lycées higewisen. No ganzer zwee Méint kouw elo schlussendlech eng knapp Äntwert, an där de Minister sech hannert dem entretemps geschlossenen Accord mat der CGFP verstoppt.

Laut dësem Accord soll eréischt vum 1. Januar 2019 u mat den Ënnerorganisatiounen vun der CGFP iwwert déi sektoriell Problemer geschwat ginn, déi duerch d'Reform vun 2015

opgetruede sinn. Schlëmm genuch, dass ee Minister per Vertrag muss derzou bruecht ginn, fir mat Verrieder vun deene Leit ze schwätzen, fir déi hie verantwortlech ass! Et ass nämlech esou, dass déi Elementer, déi déi beschriwwene Mësstänn geschafte respektiv verschäerft hunn, entweder scho vu **virun der Reform** datéieren oder Accorden entsprangen, déi de Minister Kersch no der Reform mat Associatioune geschloss huet, déi net der CGFP ugehéieren an also net mat hire sektorielle Verrieder vum Terrain verhandelt goufen. A punkto Dialogbereetschaft agéiert de Minister Kersch also hei mat **zweërlee Mooss** an ass de facto net bereet, op d'mannst mol mat eis ze schwätzen. Obwuel seng Servicer sécherlech festgestallt hunn, dass eis detailléiert Berechnunge korrekt sinn, wëll de Minister Kersch eis knapp 100 Deeg virun de Wahlen op en Termin laang no de Wahle verträischen.

**De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP fuerdert de Minister Kersch op, sech opgrond vun der Urgence vun deene beschriwwene Mësstänn an Ongerechtegkeete mat eis zesummen un een Dësch ze setzen, fir gemeinsam Léisungen ze fannen an de soziale Fridden am Enseignement secondaire net weiderhin onnéideg ze gefährden.**

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP